

Här Fernand Etgen  
President vun der Deputéiertechamber  
19, um Krautmaart  
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 6. September 2022

Här President,

esou wéi d'Chamberreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamme Justizminister a Gesondheetsminister weiderzeleeden.

Am Lëtzebuenger Ofdreiwungsgesetz vum 17. Dezember 2014 heescht et am Hibleck op d'Sanktioun vun Ofdreiwungen, déi net innerhalb vun der gesetzlech virgeschriwwener Frist bzw. net bei Liewensgefor vun der Mamm virgeholl goufen:

*(1) Celui qui, par quelque moyen que ce soit, aura avorté ou tenté d'avorter en dehors des conditions posées à l'article 12 une femme enceinte ou supposée enceinte qui y a consenti, sera condamné à un emprisonnement de deux à cinq ans et à une amende de 251 euros à 25.000 euros.*

*(2) La femme enceinte qui interrompt volontairement sa grossesse en dehors des conditions posées à l'article 12, sera punie d'une amende de 251 euros à 2.000 euros.*

Wéi een an der Äntwert vun der Regierung op d'parlamentaresch Fro Nr. 6427 vun den honorabelen Deputéierte Josée Lorsché a Marc Hansen gewuer gëtt, leien der Regierung Zuele vir, déi beleeeën, datt de Planning familial 2021 vu 601 Fraen am Hibleck op eng Ofdreiwung kontaktéiert gouf. An dëser Äntwert heescht et konkret :« 516 IVG ont été planifiées dont 98,3 % au Luxembourg et 1,7 % à l'étranger **(1,36% hors délais)**. » E puer vun dësen Ofdreiwunge goufen also entweder illegal zu Lëtzebuerg oder legal bzw. illegal am Ausland duerchgefouert.

An deem Zesammenhank hunn ech folgend Froen un d'Madamme Minister:

- 1) Goufen am Joer 2021 zu Lëtzebuerg Dokteren oder/a Frae sanktionéiert, well se eng Ofdreiwung „hors délais“ duerchgefouert hunn bzw. duerchféiere gelooss hunn? Wa jo, ëm wéi vill Fäll handelt et sech dobäi?
- 2) Huet eng Organisatioun wéi de Planning familial eng Responsabilité pénale am Kontext vun Ofdreiwungen « hors délais », déi vun hir planifiéiert oder vermëttelt ginn, och wann d'Ofdreiwung selwer am Ausland gemaach gëtt?
- 3) An hirer Äntwert op d'parl. Fro Nr. 6427 schreift d'Regierung: « *L'éventuel prolongement du délai de droit à l'IVG de 12 semaines à 14 semaines au Luxembourg est actuellement à l'étude. (...) Dans ce sens, des réunions de concertation sont prévues dès la rentrée entre le ministère de la Santé et la Société de Gynécologie et*

*d'Obstétrique ainsi que le Planning Familial.»* Heescht dat konkret, datt Liewensschutzorganisatione wéi «Vie Naissante» net bei dëse Berodunge konsultéiert ginn? Wa jo, firwat net?

Mat déiwem Respekt,

A handwritten signature in black ink, consisting of a stylized 'F' followed by a long, sweeping horizontal line that curves slightly upwards at the end.

Fernand Kartheiser,  
Deputéierten